# Kandidatenopruff
(anzereeche bis den : 30.11.2025)

GEMENG MÄERZEG

**Wat?** Bezuelbare Wunnraum zu Mäerzeg
Eefamilljenhaiser / 3 Schlofzëmmer
**Wou?** Rue de Dellen zu Mäerzeg
**Wéini?** Bau-Ufank : Enn 2025
Schlësselfäerdeg Liwwerung : November 2027

► **Conditiounen op der Récksäit an ënnert :**
**Tel. 26 00 22 - 221 oder home@mertzig.lu**



**Biergerversammlung**
21.10.2025 ëm 19h
Centre Turelbaach

Am Kader vum Projet **"Bezuelbare Wunnraum zu Mäerzeg"** wëll d'Gemeng interesséiert Biergerinnen a Bierger drop opmierksam maachen, datt **6 jumeléiert Eefamilljenhaiser an der Rue de Dellen** geplangt a vun der Gemeng gebaut ginn. Dës konventionéiert Haiser stinn zum **Verkaf zu engem käschtegënschtegen Tarif**.

Weider Detailer zum Projet fannt Dir op der Récksäit.

MC LUXEMBOURG

PacteLogement
Meng Gemeng engagéiert sech fir bezuelbare Wunnengsbau

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**6** jumeléiert **Eefamilljenhaiser stinn an der Vente, op Basis vun enger 99-järeger Emphytéose um Terrain, deen der Gemeng gehéiert.**

All Kandidat-in **muss am Kader vun de sougenannte Bäihëllefen fir abordabelen Wunnengsraum eligibel sinn** an Usproch op déi vum Ministère du Logement agefouerte Subsiden hunn, **fir een Haus kafen ze kënnen.** D'Eligibilitéit gëtt iwwert de Ministère validéiert, am Zesummenhang mam verfügbaren Akommes vum Stot. De Keefer ass verpflicht, dëst **Haus als Haapt-Wunnsëtz** ze bewunnen an do ugemellt ze sinn.

**De staatlech subventionéierten Verkafspräis beleeft sech op 600.000€, TVA 3% mat abegraff.**

**Holzhaus | Terrain 2,2 - 3,5 Ar | 120 m² Wunnfläch | Jumeléiert Eefamilljenhaiser | 3 Schlofzëmmer | 2 Stellplazen | Terrasse mat privatem Gaart | Energieklass A/B | Wärmepompel | Elektresch Raffstoren**



D'**Haiser ginn unhand vu ponderéierte Krittäre verginn**, dorënner den Alter an de Wunnuert. Haushalter déi als monoparental gëllen oder Haushalter mat Kanner kréien extra Punkte bei der Bewäertung.

Wann et vereenzelt zu **Punkte Gläichstand** kënnt, da **gëtt unhand vum disponibele Revenu tranchéiert**, sou wéi de Ministère du Logement se op senger Zertifikatioun ausweist.

Den **Aschreiwungs-Formulaire** an déi verschidden Dokumenter a Krittäre kënnt Dir op der Internetsäit vun der Gemeng agesinn an notzen :

**https://www.mertzig.lu**